



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 avril 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen, 14:16, 02/04/2021

Concerne : question parlementaire n° 3761 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlementaresch Fro Nr. 3761 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

De Commissaire huet sech am Kader vu senger Missioun geäussert, déi ennert anerem doranner besteet, d'Lëtzebuerger Sprooch ze promovéieren. Hien huet dorobber opmierksam gemaach, datt Lëtzebuergesch fir breet Kreeser vun der Populatioun e wichtegen Theema ass, an datt et richteg ass, datt sech och um politesche Plang domat auserneegesat gëtt. Hien huet op rezent ondemokratesch Entwécklungen am Ausland verwisen, wou Diskussiounen iwwer Sprooch an Identitéit zu Xenophobie an Intoleranz féieren.

Ech kann net gesinn, wéisou dem Commissaire soll énnerstallt ginn, seng Aussoe wiere „mat sengem Eed als Fonctionnaire onvereenbar“.

Ad 2)

D'Theeme vum Interview waren dem Commissaire am Viraus bekannt. Dorausser huet sech e Gespräch erginn, aus deem deen Deel vum Artikel enstanen ass.

Ad 3)

Neen, de Commissaire ka Stellung huelen, wann hien dat wëllt, zu den Theemen, déi sech bei den Demarchen am Kader vu senger Missioun erginn.

Ad 4)

Ech deelen d'Meenung vum Commissaire, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochen zu Lëtzebuerg e wichtegen Theema hei am Land sinn, an der Schoul natierlech, mee awer och an alle Beräicher vu eiser Gesellschaft.

An deem Sënn hunn ech mech dofir agesat, datt d'Zoustännegkeet fir deen Theema zu engem groussen Deel an der Attributioun vun der Educatioun nationale läit.

Ad 5)

De Commissaire huet keng konkreet Parteie genannt.